SEKTIOUN
DÉIFFERDENG

# Eis Prioritéiten fir 2023 – 2029

# D’Gemeng Déifferdeng stäerken

# Eise Programm am Résumé


*Eise Programm am Résumé* ..... *2*

*Digitaliséierung* ..... *6*

Gratis Wifi ..... 6

Digitaliséieren vu Projeten ..... 6

*Déiereschutz stäerken* ..... *6*

Informatioun fir méi Déiereschutz ..... 6

Eng Plaz fir eis Muppen ..... 6

Eng Primm fir Leit, déi Déieren aus engem Déierenasyl adoptéieren ..... 7

Keng Show mat liewegen Déieren ..... 7

Fir eng modern & ethesch korrekt Juegd ..... 7

Klappjuegd ofschafen ..... 7

Opfangstatioun fir Wëlldéieren ..... 7

Obligatoreschen Chip fir Hënn a Kazen ..... 7

*Méi Respekt virun eiser Natur* ..... *8*

Naturschoul ..... 8

Pedagogesch Gäärt an de Schoulhäff ..... 8

Méi Gréngzonen fir Déifferdeng ..... 8

Richteg Natur aplaz Zierpflanzen ..... 8

Manner Bëtong, méi Natur ..... 8

Multiplizéieren vun de Mikrobëscher ..... 9

Dachbegréngung ..... 9

Fassadenbegréngung vun Privathaiser ..... 9

Gréngflächen ronderëm eis Privathaiser ..... 9

Uebstbeem an eiser Gemeng ..... 9

Eng Plaz fir Beien ..... 10

Naturspillplazen fir eis Kanner ..... 10

Decharge Crassier Déifferdeng an Ëmweltverschmotzung vun der Kronospan ..... 10

Dreck gehéiert an d'Poubelle, net op de Buedem! ..... 10

Eng propper Gemeng fir jiddereen ..... 11

*Erneierbar Energien massiv ausbauen* ..... *11*

Ouni Luetstatioune keng E-Autoen ..... 11

Solaranlagen massiv ausbauen ..... 11

Eise Solarplang: d'Gemeng streckt d'Sue vir, d'Leit hunn herno eegene Solarstroum! ..... 11

Strossebeliichtung duerch Solaranlagen bedreiwen ..... 12

Intelligent Beliichtung ..... 12
*Waasser intelligent notzen* ..... *12*
Reewaasser späicheren an notzen ..... 12
Drénkwaasser op ëffentleche Plazen ..... 12
*Gemengeservicer a Liewensqualitéit* ..... *13*
Eng Gemeng am Service vum Bierger ..... 13
Wat d'Gemeng bezilt, muss jidderengem zegutt kommen ..... 13
Gutt wunnen a gutt liewen ..... 13
Eng attraktiv Gemeng fir eis Jugendlech ..... 13
Barrierefräi Gemeng ..... 14
*Gesondheet* ..... *16*
Mir wëllen eng Maison Médicale fir Déifferdeng ..... 16
Planning Familial ..... 16
*Familljepolitik* ..... *14*
Inklusiv Aarbecht mat Jugendlecher. ..... 14
Eng Hëllef fir Elteren ..... 15
Op mannst eng Plaz an der Kantinn fir all Kand ! ..... 15
Eng Plaz an enger Maison relais fir jiddereen ..... 15
*Inklusioun & Integratioun* ..... *16*
Besser Integratioun vun neie Matbierger ..... 16
Sproochecoursë fir jiddereen ..... 16
*Kultur* ..... *17*
Konschtschoul ..... 17
Prioriséierung vu lokalen Artisten fir Gemengeneventer ..... 17
Chancëgläichheet fir jiddereen an ee bessert Zesummeliewen duerch Inclusioun ..... 18
*Matbestëmmung an Demokratie* ..... *18*
Aféiere vun engem Biergerrot ..... 18
Biergerversammlungen a Froestonnen ..... 18
Méi Matbestëmmung am Gemengerot ..... 18
Participativ Budgeten ..... 19
De Bierger soll entscheeden (Referendum) ..... 19
Eng ëffentlech Plattform fir Iddien ..... 19
*Méi Transparenz an der Politik* ..... *19*
Ëffentlech Gemengerotsitzungen ..... 19
Een online Livestream fir de Gemengerot. ..... 19

**Anonym Bewerbungen** ... **20**
***Sécherheet*** ... ***20***
**Keng kommunal Police, mee Gemengebeamten stäerken** ... **20**
**Keng privat Police , mee méi permanent Policepresenz wou reegelméisseg Problemer sinn.** ... **20**
**Präventioun: méi Street Worker** ... **21**
***Schoul*** ... ***21***
**Eng kleng Schwemm fir all eis Schoulkanner.** ... **21**
**Gratis Schoulmaterial fir all Schoulkanner an der Gemeng** ... **21**
**Kidibus & Pedibus** ... **22**
***Sport*** ... ***22***
**Mountainbike-Pisten** ... **23**
***Transport*** ... ***23***
**Ee gudden ëffentlechen Transport vun der Gemeng** ... **23**
**Modern Busarrêten fir jiddereen** ... **23**
**Waardesall fir d'Reesender op der Déifferdenger Goar** ... **23**
**Taxi-Stand** ... **24**
**Diffbus op Lasauvage** ... **24**
**Elektro Parkplazen mat Zäitbegrenzung** ... **24**
**Parkhaus bei der Gare** ... **24**
**Zuchlinn tëscht Déifferdeng an Nidderkärjeng** ... **24**
**Vëlospiste vu Nidderkuer op Nidderkäerjeng** ... **25**
**D'Barrière an der Rue Grande-Duchesse Charlotte muss fort** ... **25**
**Den Gemenge-Fuerpark op Elektroautoen ëmdenken** ... **25**
**Zentralparking bei neien Wunnquartieren** ... **25**
**Beliichtung vu Foussgängersträifen** ... **25**
***Wirtschaft*** ... ***25***
**Eng gesond Approche zum Wuesstem** ... **25**
**Shared Hubs** ... **26**
**Diffshop mat lokale Produiten** ... **26**
***Wunnen zu Déifferdeng erëm bezuelbar maachen*** ... ***26***
**D'Gemenge musse méi Wunnrau schafen (10€/m2)** ... **26**
**D'Wunnengen bleiwen an ëffentlecher Hand** ... **26**
**Ëffentlech Wunnengen no klore Krittäre verlounen a verkafen** ... **27**
**Mietkauf erméiglechen** ... **27**
**Sozial Wunnengen** ... **27**

**Wunnengen & Infrastrukturen zesumme plangen ..... 28**
**Virkafsrecht konsequent notzen ..... 28**
**Nei Wunnformen erméiglechen..... 28**
**Prekäert Wunnen net toleréieren ..... 28**
**Keng Luxusvillaen, mee méi moderat Haiser fir jiddereen ..... 29**

# Digitaliséierung

## Gratis Wifi

D'Piraten setzen sech dofir an, dass op ëffentleche Plazen, Gebaier a Busarrêten ee gratis Wifi fir d'Awunner:inne verfügbar ass.

## Digitaliséieren vu Projeten

D'Bierger sollen d'Recht hunn, fir zu all Moment kënnen Projete vun der Gemeng kënnen ze konsultéieren. Dofir fuerdere mir, dass Projeten, déi d'Gemeng realiséiert huet an déi, déi nach a Planung sinn, iwwert den Internetsite ze verëffentlechen. D'Verëffentlechung sollt permanent sinn a bleiwen.

# Déiereschutz stäerken

## Informatioun fir méi Déiereschutz

D'Gemeng kann duerch seng Informatiounspolitik aktiv géint d'Déierequälerei virgoen. Fir en Ëmdenken am Déiereschutz ze bewierken, kann och eng Gemeng Opklärungscampagnen organiséieren, zum Beispill beim Thema Ernierung. D'Gemeng soll eng equilibréiert a gesond Ernierung förderen a kann zum Beispill op Eventer duerch geziilt Aktioune saisonal, regional, vegetaresch oder vegan

Alternative promouvéieren. D'Gemeng kann och, zesumme mat de lokale Baueren, de Leit de Wäert vun enger gudder Véizuucht méi no bréngen.

## Eng Plaz fir eis Muppen

Mir wëllen natierlech Wisen a Parken fir eis Muppen opstellen, wou si fräi lafe a mat aner Muppen spillen kënnen. Dës Anlagen soll emzäunt sinn. Doriwwer eraus sollen op Plazen, wou net vill Bëscher oder Wise sinn, méi Muppentoiletten opgeriicht ginn, zemools bei Spillplazen, Kierfechter a Wunnvéierelen.

## Eng Primm fir Leit, déi Déieren aus engem Déierenasyl adoptéieren

## Keng Show mat liewegen Déieren

De Verkaf vu liewegen Déieren soll verbueden gi. Och den Asaz vun Déieren bei Cortègen oder Zirkus, féiert zu enormen Stress, och dëst sollt verbueden sinn. Déieren sinn  fillend Liewewiesen, wei mir Mënschen.

## Fir eng modern & ethesch korrekt Juegd

D'Piraten si géint d'Klappjuegd a wëllen d'Juegd hei am Land am grousse Ganzen aneschters a méi am Respekt mam Wëlldéier ugoen. Dobäi sollen alternativ Juegdmethoden zum Asaz kommen. D'Gemeng kann op deene Grondstécker, op deene si Proprietär ass, d'Juegdlouse selwer iwwerhuelen, professionell Jeeër op dëse Plazen asetzen an op Klappjuegte verzichten. D'Gemeng kann nom Juegdgesetz souguer ee Juegdverbuet op dësen Terrainen duerchsetzen.

## Klappjuegd ofschafen

## Opfangstatioun fir Wëlldéieren

Fir dass d'Leit net ëmmer bis op Diddléng musse fueren, wëlle mir zesumme mat eisen Nopeschgemengen eng Opfangstatioun fir Wëlldéieren opmaachen.

## Obligatoreschen Chip fir Hënn a Kazen

All Hond an all Kaz mussen identifizéierbar sinn an dofir gechippt ginn. An all Gemeng muss dofir och eng Ulafstell existéieren, wou een Chipliesegerät ze fannen ass, fir d'Besëtzer vu verluerenen Hausdéieren ausfënneg kënnen ze maachen.

# Méi Respekt virun eiser Natur

## Naturschoul

D'Natur an d'Liewensschoul soll eng Aktivitéit ginn, déi een no der Schoul aus Eegeninteressi kann nogoen. Dëst sollt fir eis kleng an grouss Matbierger accessibel sinn souwéi och d'Leit aus den Nopeschgemengen. An der Naturschoul sollen Atelieren organiséiert ginn, déi engem weisen, wéi ee sech ëm Pflanzen këmmert a sech an der Natur bewosst verhält, fir der Flora a Fauna net ze schueden.

## Pedagogesch Gäärt an de Schoulhäff

Eis Schoule sollen erëm méi mat der Natur a Kontakt kommen. All Schoul sollt d'Méiglechkeet kréien, fir ee Gemeinschaftsgaart ze kréien, wou d'Kanner (a firwat net och Erwuessener) zesumme Geméis, Uebst, Kräider oder Leguminose kënnen ubauen.

## Méi Gréngzonen fir Déifferdeng

Mir wëllen nach méi Natur a méi Gréngzonen an eiser Gemeng hunn. Et ass e Wonsch natierlech gréng Longen ze kreéieren, fir an dësem Sënn eis Loft déi mer all Dag anootmen verbesseren.

## Richteg Natur aplaz Zierpflanzen

D'Piraten wëlle richteg Natur aplaz d'Opstelle vun artifiziellen Zierpflanzen, isoléierte Stroossebeem a Blimmercher. D'Gäertnereie vun de Gemenge sollen dofir méi op Wildwuchs souwéi heemesch Planze setzen. Wildwuchs brauch manner Ënnerhalt, fërdert d'Biodiversitéit a kascht de Steierzueler am Endeffekt manner Geld.

## Manner Bëtong, méi Natur

D'Massiv Zoubetonéiere vun ëffentleche Plaze muss ophalen. De Verzicht op Bëtong schützt besser virun héijen Temperaturen am Summer a virun Iwwerschwemmungen. Grouss iwwerierdesch Parkinge solle mat Alternativen,

wéi Kräsi, Rasengitter, Mulch oder Grouine bedeckt ginn, och wann dat e bësse mi Aarbecht mat sech bréngt fir den Entretien. Och d'Schoulhäff sollen erëm eng Plaz ginn, wou d'Kanner d'Natur kenneléieren a wou flott pedagogesch Projete kéinte realiséiert ginn.

## Multiplizéieren vun de Mikrobëscher

Mir proposéieren, nieft deene bestoenden Mikrobëscher nach weider esou Zonen hierzestellen.

## Dachbegréngung

Mir wëllen bei grousse Bauten, nieft de Solarzellen, nach e groussen Undeel vun der fräier Fläch notzen, fir dass den Daach begréngt gëtt. Dachbegréngung späichert Waasser, ass gutt fir CO2 anzefänken an schützt virun Hëtzt. Bei klengen Haiser wëlle mer eng Primm aféieren, fir dass d'Leit finanziell belouhnt ginn, wa se Dachbegréngung maachen.

## Fassadenbegréngung vun Privathaiser

Bei verschiddenen Haiser bitt et sech och un eng Fassadenbegréngung ze maachen. Matt de Besëtzer vun dësen Haiser kann een Accord fonnt ginn, andeems een hinnen Hëllef vun der Gemeng an och vu professionellen spezialiséierten Firmen ubitt a dëst och finanziell belouhnt.

## Gréngflächen ronderëm eis Privathaiser

Bei Privathaiser, wou nach Terrain ronderëm ass, wëlle mer d'Besëtzer motivéieren, dass wéinstens 1/3 vum Terrain benotzt gëtt, fir Planzen unzebauen. Dësen Terraindierf net komplett hermetesch isoléiert gi mat Kisel oder Änlechem.

## Uebstbeem an eiser Gemeng

Et ass och nach eng Iddie kleng Uebstbongerten an eiser Gemeng ze maachen. Aplaz vun Zierpflanzen oder normal Beem unzeplanzen, kënnen a sollen och

Uebstbeem an Wunnzonen geplanzt ginn. Dëst Uebst kann dann och vun déi Bevëlkerung gepléckt an verziert ginn.

Leit, déi een Uebstbam an hirem Gaart planzen, sollen eng kleng Primm dofir kënnen ufroen.

## Eng Plaz fir Beien

Beien an aner Bestäuber si wichteg fir den Erhalt vun eiser Natur. Mir wéilte queesch duerch d'Gemeng an Zesummenaarbecht mat den Imker kucken, fir méi Beienhaiser opzestellen.

## Naturspillplazen fir eis Kanner

Eis ass opgefall, dass et am Moment net genuch begréngten Kannerspillplazen (Entdeckungs- an Abenteuerspillplazen) ginn. Mir wëllen, dass eis Kanner zeréck an natierlechen Zonen spillen kënnen an fir hinnen esou och ee Gefill vis-à-vis vun eiser Natur ze vermëttelen.

## Decharge Crassier Déifferdeng an Ëmweltverschmotzung vun der Kronospan

Mir fuerderen méi spezifesch Analysen vum Buedem an Grondwaasser an och vun den uleienden Terrain'en an där Zon. Dëst, fir dass mer déi Verantwortlech opfuerdere kënnen, fir bestoend Ëmweltverschmotzungen ze stoppen an ze sanéieren.

## Dreck gehéiert an d'Poubelle, net op de Buedem!

Zigarettestëmp, Zigaren, Knätsch oder all Zort vu Material gehéieren net op de Buedem, mee an d'Poubelle! Just mol als Info: een eenzegen Zigarettestomp eleng ka potenziell ee Kubikmeter Waasser verseuchen.

Grad am jonken Alter muss schonn ugesat ginn, fir de Kanner z'erklären, wat fir een Impakt den Dreck op eis Natur huet. Persounen, déi Dreck op de Buedem geheien, musse besser kontrolléiert a bestrooft ginn, wa si hiren Dreck op eise Buedem geheien. D'Gemengebeamte wäerte méi a méi oft op deene Plaze kontrolléieren, wou oft Dreck hannerlooss gëtt an dat och protokolléieren.

### Eng propper Gemeng fir jiddereen

Op ëffentleche Plazen an a Gemengegebaier sollen obligatoresch Poubellen hikommen, fir den Tri ze maachen. Bei all Busarrêt muss eng Poubelle stoen. Virun all Restaurant a Café sollen Äschebecheren a speziell Poubellë fir Zigarretestëmp virun der Dier ze fanne sinn. Och Hondstute wäerte mat eis iwwerall ze fanne sinn.

## Erneierbar Energien massiv ausbauen

### Ouni Luetstatioune keng E-Autoen

Nëmme mat engem gudde Ladenetz maache mer d'Elektromobilitéit méi attraktiv fir d'Leit. D'Gemeng muss zesumme mam Staat dofir suergen, dass d'Stroumleitungen op deene Plazen opgerëscht ginn, fir flächendeckend an enger Gemeng Luetstatioune kënnen opzestellen. Do, wou d'Leeschtung vum Netz net duergeet, soll iwwert separat Stroumproduktioun (zum Beispill Solaranlagen op de Parkingen) Luetstatiounen erméiglecht ginn.

### Solaranlagen massiv ausbauen

D'Bautereglementer an de Gemenge solle virgesinn, dass op all neit Haus eng Solaranlag op den Daach muss kommen. Bei bestoende Gebaier, déi sech eegnen, soll d'Gemeng d'Proprietären aktiv uschreiwen, fir um Programm deelzehuelen. D'administrativ Demarchë solle vun der Gemeng souwäit wéi méiglech iwwerholl ginn.

### Eise Solarplang: d'Gemeng streckt d'Sue vir, d'Leit hunn herno eegene Solarstroum!

Bei Photovoltaik op Wunnengen an Haiser kann d'Gemeng och d'Virfinanzéierung vun der Anlag iwwerhuelen, andeems si den Daach vum Gebai fir ee symboleschen Euro lount an de Prêt iwwert de Verkaf vum Stroum

ofbezilt. Nodeems de Prêt ofbezuelt ass, geet d'Anlag an d'Hand vum Proprietär.

### Strossebeliichtung duerch Solaranlagen bedreiwen

### Intelligent Beliichtung

Et ass net nëmme wichteg, Stroum hierzestellen, mee och ze spueren. Luuchtepottoe sollen net déi ganz Nuecht iwwer liichten, wann se net gebraucht ginn. An anere Stied ginn dofir Beweegungsmelderen op d'Luuchtepottoen installéiert. D'Luucht gëtt da genotzt, wann se och gebraucht gëtt. Dës Weidere muss iwwer an deenen nächste Joren op LED ëmgerëscht ginn.

## Waasser intelligent notzen

### Reewaasser späicheren an notzen

Et ass wichteg, dass d'Leit dozou ermontert ginn, fir Waasser wärend der naasser Joreszäit ze sammelen an et dann am Summer bei Dréchenten ze benotzen. Mir wëllen dofir finanziell Hëllefe fir d'Leit, déi Waasseropfangbehälter oder Zisterne bei sech doheem installéieren.

Op ëffentleche Plaze solle systematesch Waasserspäicher opgestallt ginn, fir dann am Summer kënnen eis Bauerebetriber oder eis Gréngflächen ze versuergen a fir keen Drénkwaasser dofir mussen ze benotzen!

### Drénkwaasser op ëffentleche Plazen

Op Spillplaze souwéi op Trëppelweeër sollen, wann et méiglech ass, Drénkwaasserspender opgestallt ginn.

# Gemengeservicer a Liewensqualitéit

## Eng Gemeng am Service vum Bierger

Et muss fir d'Awunner méiglech sinn, hir Demarchen op der Gemeng och ausserhalb vun den traditionelle Bürosstonnen ze maachen, soudass d'Leit sech net extra musse Congé huelen, fir eng Demarche ze maachen. Entweder andeems een d'Ëffnungszäite vun de Büroen op de Gemenge méi flexibiliséiert oder andeems een d'Demarchen, esou wäit et geet, op digitalem Wee ubitt.

## Wat d'Gemeng bezilt, muss jidderengem zegutt kommen

Ëffentlech Sportplazen a Gebaier, déi mat Steiersue finanzéiert ginn, mussen och der Ëffentlechkeet an aner Veräiner op Demande zur Verfügung kënne gestallt ginn an net exklusiv vun e puer auserwielte Veräiner. D'Tribünen oder d'Buvette, déi d'Gemeng bezuelt huet, muss och vun anere Veräiner oder Bierger kënne reservéiert ginn, wann se net gebraucht gëtt.

## Gutt wunnen a gutt liewen

D'Pirate fuerdere bei all neiem Quartier, dass op ee e Mix tëscht Wunnen, Schaffen a Liewen opgepasst gëtt. Nei Wunngebaier a Residencë solle multifunktionell sinn an direkt mat Crèchen, Dokteschcabineten, Geschäfter oder Büroen equipéiert sinn. All neie Quartier soll ee klengen, naturnoe Park kréien, wou d'Kanner sech austoben an déi Erwuessen een Treffpunkt hunn.

## Eng attraktiv Gemeng fir eis Jugendlech

Eis Gemeng huet zwar vill Jugendhaiser, mee net jiddereen ass gewellt, sech un déi streng Reegelen ze halen oder sech iergendwou an enger zouer Strukture mussen opzehalen.

Déi Jonk sollen an eiser Gemeng hir Plaz kréien, sech wëllkomm fillen a sech wuel spieren. Si brauchen dofir Aktivitéiten a Plazen, déi si fir sech beusprooche kënnen a wou si sech reegelméisseg gemittlech treffen an ausliewe kënnen.

Mir wëllen zesumme mat de Jugendhaiser esou eng Plaz schafen, déi och méi spéit am Owend op ass a wou déi Jonk sech begleet spieren. Et soll eng Plaz sinn, déi mat Liewe gefëllt gëtt a wou déi Jonk nei aktivitéiten untaaschte kënnen, wéi zum Beispill Parcour, Breakdance oder och Sangen.

Ëmmer méi Post- a Bankguichete maachen zou a verschidde Leit ginn esou am Ree stoen gelooss. D'Gemeng soll hei agräifen, andeems ee mam Privatsecteur zesumme schafft, fir ee Service opzebauen, wou d'Leit physesch hi kënne goen, fir datt och eeler Leit weider autonom kënnen bleiwen.

Eis Iddi ass d'Organisatioun vun engem mobille Guichet, deen all Dag eng aner Uertschaft ufiert an op enger zentraler Plaz steet a wou d'Leit dann eng physesch Uspriechpersoun virfannen. D'Gemeng kann zum Beispill d'Käschte vun der Camionette iwwerhuelen.

Barrierefräi Gemeng

Eng Behënnerung dierf keng Aschränkung sinn an d'Gemeng muss dofir suergen, datt all Mënsch e selwerbestëmmt Liewe féiere kann. No der Iddi vun der UN- Behënnerterechtskonventioun soll eis Gemeng all néideg Mesuren huelen, fir d'Inclusioun vun all Mënsch mat enger Behënnerung ze garantéieren a sou déi sozial a politesch Participatioun ze erméiglechen.

# Familljepolitik

Inklusiv Aarbecht mat Jugendlecher.

Déifferdeng huet Jugendlecher, déi am „Decrochage scolaire" sinn, an net wëssen, a wéi eng Richtung hier Zukunft soll goen. Dës Jonk mussen schnell opgefaange ginn a mir mussen hinne Perspektive bidden, well och si sinn wäertvoll a kënnen hiren Deel zu eiser Gesellschaft bäidroen.

Mir géifen spezifesch fir dës Jonker eng limitéiert Unzuel u Stageplazen an der Gemeng schafen, fir se direkt nom Décrochage scolaire opzefänken. Mir wëllen

och, datt d'Gemeng zesummen mat de Betriber an der Gemeng deene Jugendlechen ee Schnupper-Stagen soll erméiglechen.

D'Gemeng soll och zesummen mat aneren Acteuren, wéi der ADEM an dem LLLC kucken, fir Weiderbildungscoursen fir d'Schoulofbriecher opzestellen, wou si schnell op den Aarbechtsmarché kënne preparéiert ginn a wou si och déi néideg psychologesch Hëllefen kënne kréien.

## Eng Hëllef fir Elteren

Net jiddereen huet eng Bom, ee Bop oder eng Kontaktpersoun, wou e seng Kanner berouegt fir e puer Stonnen kann an Obhut loossen. Leider kënnen och gutt Elteren fir d'Garde vun hire Kanner mol op Hëllef vun Aneren ugewisen sinn. Grad elengerzeiend Persounen si schnell an enger mëssleche Situatioun, wou se op keng Hëllef kënnen zielen.

Dofir ass eis Iddi, dass d'Gemeng ee Service kéint opbauen, wou Elteren, déi an esou Monenter keng Ulafstell hunn, fir eng kuerz Zäit kënnen hir Kanner hei an Obhut loossen. Dës Plaz soll och do sinn, fir dass d'Elteren sech Rotschléi kënnen huelen.

## Op mannst eng Plaz an der Kantinn fir all Kand !

D'Gemeng muss schnell kucken, dass all Kand ee Recht huet, fir ee gratis Mëttegiessen ze kréien. Aktuell kënnen nëmme Kanner, déi an enger Maison Relais ageschriwwe sinn, dovunner profitéieren.

Iwwert der Mëttesstonn soll d'Maison Relais och fir net-ageschriwwe Kanner zougänglech sinn, an hinnen soumat eng waarm Moolzecht garantéieren. Wa keng Plaz do ass, muss d'Gemeng alternativ Strukturen sichen a wann néideg, soll ee Sall an der Schoul genotzt ginn.

## Eng Plaz an enger Maison relais fir jiddereen

D'Gemeng muss jidderengem an der Gemeng eng Plaz an der Maison relais ubidden.

# Inklusioun & Integratioun

## Besser Integratioun vun neie Matbierger

Nei Matbierger sollen aktiv an d'Gemengeliewe mat agebonne ginn. Eng Iddi ass et, fir ee Mol am Joer ee Wëllkommensdag fir all déi nei Bierger ze maachen. Och sollen d'Leit bei der Aschreiwung an der Gemeng direkt informéiert ginn, dass si sech fir d'Gemengewale kënnen aschreiwen.

## Sproochecoursë fir jiddereen

Et sollen Sprooch Coursen ugebueden gi, déi fir all Bierger zougänglech sinn an Gratis sinn. Eis geet et net just drëms, datt d'Auslänner sech weider bilden sollen, mee eis ass et och wichteg datt eis Bierger sech fir aner Kulturen intresséieren an

d'Méiglechkeet kréien déi ze leieren an sech genau esou ewéi eis net-lëtzebuergesch Matbierger weider bilden an un der intégratioun vun eisen Matmënschen matschaffen. Inclusioun däerf net just an eng Richtung goen!

# Gesondheet

## Mir wëllen eng Maison Médicale fir Déifferdeng

An der Kordallgemengen liewen iwwer 60000 Persounen. Trotzdeem goufen d'Urgencen am Nidderkuerer Spidol am Joer 2019 owes ab 20h00 zou gemaach. Net all Bierger huet d'Méiglechkeet bis op Esch ze kommen oder op den Belval, wann ee nuets eng Urgence huet. A mir sollten och d'Rettungsdéngschter an d'Urgencen zu Esch net iwwerlaaschten. Dofir kritt Déifferdeng mat eis eng Maison Médicale, déi ee besseren vereinfachten Zougang zur medezinescher Versuergung 24/7 méiglech mécht.

## Planning Familial

Eis Gemeng brauch eng Struktur, un déi eis Jonk an manner Jonk Leit sech kënnen wenden, fir iwwert all méiglech Problemer rondërem d'Thema Famill, Sexualitéit, mee och Gewalt unzeschwätzen. Dës Struktur soll deene jonke Leit

bei hire sexuellen Froen a Besoinen entgéint kommen. Si soll och fir erwuessene Leit, déi am Alldag Problemer begéinen, eng Ënnerstëtzen ubidden.

Dës Struktur soll dem Mangel u Psychologen ophiewen, genau eméi dee vun den Assistant Sociaux an Sozialpedagogen an d'Leit sollen ouni Rendez-vous an ouni laangwiereg Demarchen kënne dohinner goen, fir Hëllef ze kréien.

Et soll eng Hëllefstruktur sinn, wou d'Leit gehéiert, weiderberoden oder un di richteg Servicer weidergeleet ginn. Eng Plaz, déi hinnen d'Méiglechkeet gëtt, Hëllef ze kréien, wann déi gebrauch gëtt. Dës Plaz soll käschtefräi sinn.

Eis Gemeng ass an deenen lëschten Joren gewuess an domadder och d'Sozial Besoin. Et dierf net sinn datt eis Gemeng drop ugewisen ass hier Bierger op Esch oder an d'Staat ze schécken, wou och Nout un Personal ass fir hëllef ze kréien.

# Kultur

## Konschtschoul

Nieft der Museksschoul géifen d'Piraten sech och asëtzen, fir d'Konscht méi no un eis Matbierger ze bréngen. Konschtcoursen oder Atelieren an deenen d'Déifferdenger hier Talenter kéinten opschaffen. Op Molen, danzen, Foto oder streamen, als Gemeng sollen mir un der weider Bildung spueren.

## Prioriséierung vu lokalen Artisten fir Gemengeneventer

Mir wënschen eis, dass och méi Lëtzebuerger Komponisten méi Lidder an eiser Sprooch komponéieren. Dëst fir eiser Kultur gerecht Ureizer ze gi. Lidder wou een erëm kann mat sangen a vill Freed hunn. Mir wëllen jonk Museker:innen förderen an hinnen bei wichtegen Geleeënheeten, wéi zum Beispill dem nationale Feierdag d'Méiglechkeet ginn, fir eng gutt an angeneem Stëmmung ze suergen. All gemeng sollen Déifferdenger, op Gemengévents virgezunn gi, sief et fir Kënschtlech Momenter oder méi intellektuell events.

**Chancëgläichheet** fir jiddereen an ee bessert Zesummeliewen duerch Inclusioun
Jiddereen soll déi selwecht Méiglechkeeten kréien fir aktiv an der Gemeng matzeschaffen an eng besser Liewensqualitéit fir jiddereen ze schafen.

# Matbestëmmung an Demokratie

## Aféiere vun engem Biergerrot

D'Politik méi no un d Bierger :innen a Bierger bréngen an d'Leit endlech an der Politik matmaache loossen an dat, ouni dass d'Leit eng Parteikaart mussen hunn oder Beruffspolitiker musse sinn. Dat ass d'Zil vum Biergerrot, dee mir Piraten wëllen. Per Lous gi Leit aus der Bevëlkerung gezunn, déi dann an engem Biergerrot zesummekommen.

Dëse Rot soll aus ganz normale Léit bestoen an d'Gesellschaft erëmspigelen. D'Mandat am Biergerrot soll komplett inkompatibel sinn mat anere politesche Mandater.

De Biergerrot soll eegestänneg schaffe kënnen an dem Gemengerot Propose maachen, op déi d'Politiker da reagéiere mussen.

## Biergerversammlungen a Froestonnen

D'Piraten wëllen een aktiven Austausch an Diskussioune mat de Bierger:innen. D'Gemeng soll mindestens zwee Mol am Joer Biergerversammlungen organiséieren, wou d'Bierger:innen mat de Gemengeverantwortlechen ëffentlech op enger Plaz zesummekommen an Iddien, Problemer an Doleancen diskutéiert kënne ginn.

## Méi Matbestëmmung am Gemengerot

Wa genuch Awunner:innen aus enger Gemeng eng Demande ënnerschreiwen, muss den Sujet op den Ordre du Jour vum Gemengerot kommen, a Präsenz vun den Demandeuren.

### Participativ Budgeten

Beim participative Budget geet et dorëms, eng Méiglechkeet ze schafen, deen et de Bierger:innen, erlaabt e Wuert bei den ëffentlechen Ausgaben matzeschwätzen.

Konkret gëtt ee Prozentsaz vum Gemengebudget fir de participative Budget zur Verfügung gestalt. Doropshin kënnen dann d'Awunner:innen Prozess doriwwer entscheeden, fir wat dës Suen agesat ginn.

### De Bierger soll entscheeden (Referendum)

Bei wichtegen Dossieren, Projeten oder grousse budgetäre Froe an enger Gemeng soll de Bierger matentscheeden, andeems méi Referenden organiséiert ginn.

### Eng ëffentlech Plattform fir Iddien

All Déifferdenger Bierger:in soll d' Méiglechkeet kréien, fir seng Iddien op der Website vun der Gemeng ze publizéieren. Mir géifen eng Rubrik opmaachen, wou d'Leit ëffentlech kënnen hir Iddien a Problemer an der Gemeng matdeelen, déi vun anere Bierger kënne kommentéiert an ofgestëmmt ginn.

## Méi Transparenz an der Politik

### Ëffentlech Gemengerotsitzungen

D'Piraten fuerderen dofir eng proaktiv Transparenz vu Gemengerotssitzungen. De Sëtzungskalenner, den Ordre du Jour an all déi zougehéireg Dokumenter musse mindestens 1 Woch virdrun integral an online veröffentlecht ginn.

### Een online Livestream fir de Gemengerot.

De Gemengerot muss seng Sitzungen iwwert Livestream online iwwerdroen an duerno um Internetsite vun der Gemeng veröffentlechen, ofspäicheren a fir jiddereen accessibel halen.

Anonym Bewerbungen

Mir géifen eis asetzen, datt all Bewerbung just nach anonym fir d'Ofstëmmung presentéiert gëtt, fir ze verhënneren an Diskussiounen aus dem Wee ze raumen, datt Persounen duerch hir politesch Memberschaft oder Kontakter agestallt ginn. Soumat setze mir méi héich Barrièren a gi jidderengem fair Chancen, egal wien een ass a wien e kennt.

# Sécherheet

Keng kommunal Police, mee Gemengebeamten stäerken

D'Piraten mengen net, dass d'Aféierung vun enger sougenannter „Kommunalpolice" de richtege Wee ass, dee fir méi Sécherheet an eise Gemenge suergt.

D'Gendarmerie gouf viru Joerzéngten ofgeschaf, firwat also erëm ee Waasserkapp u Verwaltunge schafen?

Déi besser Alternativ ass et, d'Police an d'Gemengebeamten esou opzestellen, dass sech un d'Gesetzer gehale gëtt. D'Piraten setzen sech dofir an, dass d'Gemengebeamten hir Kompetenze voll ausnotzen a Presenz weisen, fir dass sech un d'Gesetzer an d'Reglementer gehale gëtt.

Keng privat Police , mee méi permanent Policepresenz wou reegelméisseg Problemer sinn.

D'Piraten schwätzen sech kloer dogéint aus, dass privat Sécherheetsfirmen sech ëm d'Sécherheet am ëffentleche Raum këmmere sollen. Dat ass ganz kloer eng Aufgab vun der Police an den Gemengebeamten.

Fir erëm e bësse Rouh op verschiddene Plazen ze kréien, proposéiere mir, dass ee fir eng länger Zät permanent Patrouillen op deene Plazen léisst, wou et an der Vergangenheet vill Problemer goufen. An enger zweeter Phase

## Präventioun: méi Street Worker

Et dierf ee Mënschen, déi op der Strooss liewen, net all an een Dëppe geheien. Et muss ee kloer differenzéieren tëschent Mënsche mat kriminellen Absichten a Mënschen, déi et aus eegener Kraaft einfach net vun der Strooss packen. Keen dierf wéinst senger sozialer Situatioun verurteelt ginn a grad dëse Leit muss eis Gesellschaft Perspektive bidden! Eng Gesellschaft ass nëmmen esou staark wéi säi schwächste Glidd.

D'Piraten setzen dofir op den Asaz vun Hëllefsorganisatiounen a Street Worker, déi fir d'Leit op der Strooss do sinn an den éischte Schrëtt sinn, fir hinne vun der Strooss ze hëllefen. D'Gemeng ka sech d'Streetworker souguer zur Hallschent vum Staat finanzéiere loossen an dat och maachen.

# Schoul

## Eng kleng Schwemm fir all eis Schoulkanner.

Mir Piraten wëllen, dass all eis Schoulkanner eng Schwemm notzen kënnen, an där si schwamme léieren kënnen.

Mat de klammenden Klassenzuelen, huet den Aquasud d'Kapazitéit net méi all Schüler z'empfänken.

Mir proposéieren eng kleng, energieneutral Schwemm ze bauen mat engem klengen gehëtzten Baseng, an der Gréisst ewéi déi, wou fréier ze Nidderkuer stoung.

Eng kleng Schwemm a Gemengerhand, vum Gemengepersonal gefouert a wou Precoce- an Spillschoulskanner kënne schwamme léieren, Babyschwammen stattfanne kann an déi no de Schoulstonnen nomëttes vun den Elteren mat klenge Kanner benotzt ka gi.

## Gratis Schoulmaterial fir all Schoulkanner an der Gemeng

Fir d'Schoulrentrée fir all Kand gerecht ze gestalten, setzen d'Piraten sech dofir an, datt all Schoulkand fir d'Rentrée nei Schoulmaterial zu Verfügung gestallt kritt. Dëst kéint mam Office-social oder der

Sozialkommissioun ausgeschafft gi, fir datt all Kand déi selwecht Schoul Konditiounen besetzt.

Kidibus & Pedibus

D'Gemeng kann an all Quartier ee Pedisbus promouvéieren a subventionéieren, fir de Kanner an Elteren de Schoulwee z'erliichteren. Dës géif vill Autoen vun den Stroossen an Ëmgéigend vun de Schoulen ewech huelen, well net all Elteren hier Kanner eenzel an d'Schoul feieren, an d'Sécherheet vun den Kanner um Schoulwee verbesseren.

Dës Alternative sollen gratis zu Verfügung gestallt ginn. Den „Kidibus" wier een klenge Bus deen d'Kanner op verschidden Busarrêten zu verschiddenen Auerzäiten asammelt an si an d'Schoul feiert an och erëm zeréck. Hei géif een op ekologesch Transportmëttelen zeréck gräifen. Dës géif den Kanner d'Méiglechkeet gi, begleet an sécher den Schoulwee ze goen.

# Sport

**Keng Privatiséierung vun eiser Schwämm**

Den Aquasud gouf mat Stieergelder vun eiser Gemeng bezuelt, also vun eis bezuelt. An awer ass et eng privat Firma, déi d'Gérance vun der Schwemm huet a Profiter mat der Schwemm mécht. An eisen Aen muss d'Gérance a Gemengenhand kommen. Mir fuerderen eng energieneutral Schwämm, déi an der Gemengenhand ass.

Dës Weideren sollen d'Entréeticketen fir d'Schwemm fir d'Bierger:innen aus eiser Gemengen méi bëlleg ginn, well ëmmerhinn gouf se mat de suen vun eiser Gemeng bezuelt. Ee Kontingent u Plazen an der Schwemm soll kënnen am Viraus vun de Bierger reservéiert ginn. D'Bierger sollen hei och Prioritéit op der Lëscht kréien.

Schwämm muss méi am Summer opmaachen.

### Mountainbike-Pisten

An eise schéine Bëscher si bei guddem Wieder oft vill Mountainbiker ënnerwee. Dat ass flott a weist, dass Pisten, wéi de RedRock MTB Trail zu déifferdeng gebraucht an och genotzt ginn.

Op verschiddene Plazen, zum Beispill zu Nidderkuer beim Hondsterrain, ginn awer ''illegal'' Downhill-Pisten vun de Leit selwer gebaut. Esou Pisten sollten awer ëmmer am Respekt mat der Natur Mir Piraten fuerderen eng legal Downhillpiste, wou sech ausgetoobt dierf ginn. Yann

## Transport

### Ee gudden ëffentlechen Transport vun der Gemeng

Fir d'Autoen aus dem Duerfkär ze kréien an den Bewunner aus der Gemeng trotzdeem d'Méiglechkeet ze ginn, fir Owes dësen ze beliewen, muss d'Mobilitéitsoffer ausgebaut gi. De lokalen ëffentlechen Transport muss a kommunalen Hänn bleiwen. Mir wëlle keen Outsourcing vun den ëffentleche Servicer u privat Ubidder. Fir Ressourcen ze spueren, soll d'Gemeng sech zesummendoen an, nom Beispill vum TICE, interkommunal oder interkantonal Buslinnen opstellen, déi d'Offer an de Gemengen komplettéieren.

### Modern Busarrêten fir jiddereen

D'Busarrêten sollen an der Gemeng moderniséiert an digitaliséiert ginn, mat enger gratis Wifi-Verbindung op all Arrêt. Busarrête mussen Handicap-gerecht gebaut sinn an do, wou et méiglech ass, op mannst iwwerdaacht sinn, fir dass d'Leit bei schlechtem Wieder dréche sinn.

### Waardesall fir d'Reesender op der Déifferdenger Goar

Fir den Reesender den Zuch méi agreabel an sécher ze garantéieren, proposéieren mir ee Waardesall mat Iwwerwaachung an Heizung. Dësen sollt och mat gratis WIFI ausgestallt sinn.

## Taxi-Stand

Mir géingen eis asetzen, fir hei den Taxi-Chauffeuren eng Parkméiglechkeet unzebidden, wou si stoe kënnen a bei Bedarf och hier Autoen kënnen oplueden. Domadder hätten d'Leit eng flexibel Alternativ zum privaten Auto.

## Diffbus op Lasauvage

Mir hunn d'Chance, dass mir an eiser Gemeng vum Diffbus kënne profitéieren. Leider gëllt dat net fir all Bierger aus eiser Gemeng. D'Zoowascher sinn bis well do ausgegrenzt, obschonn si zur Gemeng gehéieren. Mir fuerderen eng zousätzlech Buslinn, déi eisen Matbierger erméiglecht vun Déifferdeng op Zowaasch a firwat net och vun do op Rodange ze kommen an och ëmgedréint, an dëst an reegelméissegen Ofstänn.

## Elektro Parkplazen mat Zäitbegrenzung

D'Parkplazen fir Elektroautoen sollen mat enger Automatescher Zäitauer ausgestallt ginn, fir hiren Openthalt op d'maximal Luedezäit ze begrenzen, sou wéi dat bei all anere Parkplazen an der Gemeng de Fall ass.

## Parkhaus bei der Gare

Den Parking nieft der Gare (Contournement) soll mat engem Parkhaus bebaut ginn, fir der Nofro u Parkplazen gerecht ze gi. Zwee Stackwierker vum Parking solle gratis fir Bierger reservéiert sinn, déi am Besëtz vun enger Vignette sinn.

## Zuchlinn tëscht Déifferdeng an Nidderkärjeng

Vill Déifferdenger fuere reegelméisseg mam Zuch. Leider kann esou eng Faart richteg laang ginn, wann een deen normale Wee an d'Stad fiert. Momentan brauch een mam RB bis zu 43 Minutten. Mir setzen eis dofir an, dass eng wieder Zuchlinn vun Déifferdeng iwwert Nidderkäerjeng direkt bis an d'Stad fiert. Mat enger neier Linn wären et da just nach 23 Minuten.

Vëlospiste vu Nidderkuer op Nidderkäerjeng

Et soll eng zousätzlech Piste parallel zur Nationalstrooss gebaut ginn, fir d'Vëlosfuerer an d Foussgänger ee séchere Wee unzebidden.

D'Barrière an der Rue Grande-Duchesse Charlotte muss fort

Dësen Eisebunn Kräizgang ass fir vill Déifferdenger eng Plo. Hei kann d'Waardezäit zu engem gréisseren Stau feieren an fuerdert vill Gedold bei den Foussgänger, déi dann och bei zouener Barrière iwwert d'Schinne ginn. Dësen Bahniwwergang soll aus der Gemeng verschwannen.

Den Gemenge-Fuerpark op Elektroautoen ëmdenken

D'Gemengenaarbechter fueren bannent der Gemeng just kuerz Strecken. Dofir wier et ubruecht de ganzen Gemengefuerpark op Elektroautoen ëmzestellen. Zousätzlech kéint een duerch eng zesummen Aarbecht mat engem Energie Provider weider opluet Statiounen mat Zäitlimite an der Gemeng opstellen.

Zentralparking bei neien Wunnquartieren

Beliichtung vu Foussgängersträifen

D'Foussgängersträifen sollen Nuets besser beliicht gi. Zousätzlech sollten béid Säiten mat Led Luuchten (Kazenaen) ausgestallt gi, déi bei der Approche vun engem Auto blénken.

# Wirtschaft

Eng gesond Approche zum Wuesstem

Quantitative Wirtschaftswuesstem bréngt méi Akommes an och méi Steierrecettë fir d'Gemeng, mee op der anerer Säit fuerdert de Wuesstem oft och méi Personal, bréngt méi Trafic op eis Stroossen a verschäerft d'Situatioun um Wunnmarché. D'Gemenge sollen dofir eng gesond Approche zum

Wirtschaftswuesstem entwéckelen an Infrastrukturprojeten an hire Gemengen an eng ganzheetlecher a gemengeniwwergräifender Approche ugoen.

### Shared Hubs

Mir sinn eng Grenzgemeng a sollten eis geografesch Situatioun notzen, fir méi Gemeinschaftsbüroen (Shared Hubs) bauen. Esou missten d'Awunner an d'Frontalieren net bis an d'Stad oder op Esch op d'Aarbecht fueren, wat manner Traffic bedeit an d'Stroossen entlaascht. Mir hätten och méi Leit an eiser Gemeng, wat de lokalen Handel stäerkt, well da méi Leit op der Plaz konsuméieren.

### Diffshop mat lokale Produiten

Eis Gemeng huet ganz vill Produzenten an Handwierker, déi sech duerch déi héich Loyerspräsiser net erlaben kënnen, eppes Eegenes unzeléen fir hier Wuer auszestellen an ze verkafen.  Dofir proposéiere mir een lokale Shop, an deem Deifferdénger Produiten zum Verkaf proposéiert gi. Dës kënnen souwuel Iesswueren ewéi och Kleeder oder Schmuck sinn, déi vun Deifferdénger Bierger an der Gemeng produzéiert ginn.

## Wunnen zu Déifferdeng erëm bezuelbar maachen

### D'Gemenge musse méi Wunnrau schafen (10€/m2)

D'Gemenge musse selwer vill méi aktiv um Wunnmarché ginn, andeems se hier Baulandreserve mobiliséieren, viabiliséieren an och bebauen. Déi Gemengen, déi ee finanzielle Spillraum hunn, solle Bauterrainen zesumme mam Logementsministère selwer opkafen, fir Wunnengen drop ze bauen oder bauen ze loossen.

### D'Wunnengen bleiwen an ëffentlecher Hand

All Wunneng, déi der Gemeng gehéiert, dierf net méi aus dem Besëtz raus! All Gemengenterrain muss genotzt ginn, fir sozialen oder erschwéngleche Wunnraum ze schafen. Entweder d'Gemeng verlount d'Wunneng selwer mat

der Optioun vum Mietkauf oder d'Wunneng gëtt iwwert eng Organisatioun (Gestion locative sociale) verlount. Falls Wunnengen verkaf ginn, muss d'Gemeng sech, ouni Ausnamen, ee Virkafsrecht op déi Wunnengen sécheren.

## Ëffentlech Wunnengen no klore Krittäre verlounen a verkafen

Mir hunn ee Mangel u Wunnengen an et ass kloer, dass op kuerz Zäit net genuch Wunnenge kënne gebaut ginn, fir déi aktuell Nofro ze bedingen. Wunnenge sinn ee seelent Gutt an dofir musse bei der Vergab vun ëffentleche Wunnenge Prioritéiten opgestallt ginn. Dofir soll een transparente Punktesystem opgestallt ginn, bei deem Residenten, Ex-Residenten souwéi aktiv schaffend Leit bei Gemengen-Projeten d'Prioritéit kréien.

## Mietkauf erméiglechen

D'Piraten wëllen, dass souvill Leit wéi méiglech eng eege Wunneng kënne kafen, fir sech iwwert d'Zäit ee Kapital kënnen unzespueren. D'Gemenge kënnen heifir d'Optioun vum Mietkauf ubidden.

Beim Ënnerschreiwe vum Mietkontrakt tëschent der Gemeng an dem Locataire gëtt de Wäert vun der Immobilie am Kontrakt festgehalen.

All Mount, deen ee Locataire esou als Loyer bezilt, kritt e gutt geschriwwen.

Wann de Locataire d'Wunneng kafe wëll, bezilt en de Wäert vun der Wunneng minus dat, wat e schonn als Loyer ubezuelt huet.

D'Gemeng behält natierlech och hei d'Virkafsrecht op der Wunneng.

## Sozial Wunnengen

Wunnen ass ee Grondbedierfnis, mat deem ee Liewen steet oder fält. Eng Wunneng ass eng Méiglechkeet fir d'Leit, sech ee stabilt Ëmfeld opzebauen. Hëllef gëtt genuch gebraucht: Obdachloser, Mënschen déi der Gewalt entkomme wëllen, Leit op der Flucht oder och Leit déi hire Strofvollzuch ofgesat hunn brauchen all eng Chance op een Neistart an hirem Liewen. D'Gemenge mussen dofir bei all gréisserem Wunnprojet mindestens eng Wunnunitéit fir Sozialwunnenge virgesinn, fir dëse Mënschen ze hëllefen.

## Wunnengen & Infrastrukturen zesumme plangen

All Gemeng soll fir hiren Territoire een 10-Joresplang fir de Wunnengsbau an der Gemeng ausschaffen, bei deem nieft de Wunnengen och gekuckt gëtt, wéi eng Infrastrukture fir d'Leit gebraucht ginn. Wann an engem neie Quartier 100 Persoune wunne sollen, da muss och Plaz reservéiert ginn, fir Praxisse fir Dokteren, Crèchen, Butteker oder Büroen. A Propos Büroen: d'Gemenge sollen déi Bürosflächen ausfënneg maachen, an déi ee potenziell erëm kéint Wunnenge setzen.

## Virkafsrecht konsequent notzen

Déi aktuell Gesetzgebung gesäit vir, dass d'Gemengen sech ee Virkafsrecht kënne sécheren, soubal een Terrain oder eng Immobilie verkaf gëtt an am Interessi vun der Ëffentlechkeet ass. D'Piraten wäerten d'Optioun vum Virkafsrecht notzen, wann domadder grouss Projete fir méi ëffentleche Wunnraum oder wichteg Infrastrukturen (Policebüro, Dokteschcabineten, Crèchen, Schoulen, etc.) kënne gemaach ginn.

## Nei Wunnformen erméiglechen

D'Piraten sinn oppe sinn fir all nei Wunnformen, Technologien a Locatiounsmodeller, wann se technesch realiséierbar sinn an op der Plaz Sënn maachen. Beispiller : Tiny Houses, Tiny Appartementer, Modulär Bauen, etc. D'Bautereglementer an de Gemenge mussen un den aktuelle Stand vun der Technologie ugepasst ginn an nei Bauformen erlaben. Nei Formen vun energeetescher Renovatiounen (zum Beispill duerch d'Vergréisserung vun der Aussenhüll vun engem Gebai) mussen erlaabt ginn.

## Prekäert Wunnen net toleréieren

Och wann all Léisung zielt, esou dierfe mer net zouloossen, dass d'Mënschen a prisongsähnleche Konditiounen liewen. D'Gemengen mussen fir ee Minimum u Liewensqualitéit bei de Wunnenge suergen. Dëst beinhalt d'Plaz pro Persoun, natierlecht Liicht an een Accès op funktionéierend Infrastrukturen a Servicer.

Keng Luxusvillaen, mee méi moderat Haiser fir jiddereen

All Bauterrain muss effikass genotzt ginn, fir méi Wunnunitéit kënnen ze bauen, fir dass méi Mënschen eppes vum Bauland hunn. Dofir mussen d'Densitéiten am Flächebenotzungsplang (PAG) iwwerschafft ginn, soudass op verschiddene Plaze méi dicht gebaut gëtt. All Gemeng sollt eng Mindestzuel u Wunnenge pro Terrain virgesinn a prinzipiell solle keng Terraine fir Villae méi genotzt ginn.